CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS



# Release Notes

## Update Leveso

Dës Release Notes ginn Iech en Iwwerbléck iwwer déi rezent an déi geplangten Aktualiséierungen am Leveso.

D’Upassunge baséieren op Feedback aus der Réunioun mat den Zonen wéi och d’Notzergrupp. Villmools Merci un all déi, déi hir Remarquen an Iddien gedeelt hunn – si droen dozou bäi, de System kontinuéierlech méi praktesch an iwwersiichtlech ze maachen.

D’Zil vun dësen Ännerungen ass et, den Alldag ze vereinfachen, d’Kommunikatioun ze verbesseren an d’Gestioun vun de Formatiounen méi transparent ze gestalten.

Déi aktuell opgeléschte Feature bezéien sech op den aktuellen Update. Weider Verbesserunge sinn an der Entwécklung, fir déi aktuell nach keen exakten Release-Datum feststeet.

# 1 FAQ INFS Video

An de leschte Méint huet de Service Gestion Administrative (SGA) vum INFS sech zesummegesat an eng Zesummefaassung vun den heefegst gestallte Froen erstallt. Mat Ënnerstëtzung vum Departement Pedagogie hu mir Videoe gedréint, fir Memberen, CUFen an Instrukteren beim Ëmgang mam Leveso ze hëllefen.

Hei de Link: https://faq-sga.softr.app

# 2 Aktuell Features

## 2.1 Rappel Email un TN

Op éischter Plaz stoung ee ganz grousse Wonsch vun de Zonen: d’Membere sollen eng Rappel-Email fir Course kréien.
Esou wäert all Member, deen an engem Cours oder Examen ageschriwwen ass 3 Woche virdru kréien e Rappel. Dëst ass elo agestallt a gouf an leschtem Update ëmgesat.

Opgepasst: Dëst gëllt nëmme fir Coursen déi am Leveso stinn (also keng MDAen z.B.).

## 2.2 Zertifikate Abfrage


Leveso CUF/Instructeur

Zousätzlech wëll ech Iech déi gutt Nouvelle ginn, dat een elo am Leveso CUF d'Oflafdatumer vun de Certificater gesäit. Si goufen all aktualiséiert a sinn ënner **Zertifikate Abfrage** ze fannen.

Et kann een ënner **Ablaufende** no Mount, Joer oder engem ganz bestëmmten Zäitraum sichen. Et ass och méiglech, wéi hei am Bild, no enger bestëmmte Persoun ze sichen. Betraffe Certificater sinn z.B AAA-Certificater mat engem Oflafdatum vu 5 Joer (wéi MS, CEF, CET, …).

Et kann een och zu all Moment, mat oder ouni Filter, en **Excel-Export** maachen, falls Dir esou e bessere Suivi hutt.

De Member ka weiderhin all seng Certificater am CGDIS-Portail gesinn.





## 2.3 CUF kritt eng Mail wann de Cours ofgesot gëtt

Op drëtter Plaz, war gewënscht, dass **CUFen** och eng Mail kréie wann e Cours ofgesot gëtt.

Dës ass zënter Dezember 2025 am Leveso aktiv.


Betreff: Formatioun ofgesot – « **Formatioun** »-« **Wou d'Formatioun stattfënnt** »



## 2.4 Zougangskonditiounen per Email

De Moment ass et esou, datt Memberen, déi d'Konditioune fir e Cours net erfëllen, eng Email kréien, an där matgedeelt gëtt, datt si net zougelooss sinn – ouni weider Begrënnung.
No grousser Demande sollen d'feelend Konditioune künfteg direkt an der Email opgelëscht ginn. Dëst erlaabt eng méi kloer an iwwersiichtlech Kommunikatioun, souwuel fir d'Membere wéi och fir de CUF.

Am **Betreff** vun der Email steet, dat et ëm d'**Zougangskonditioune** fir de Cours geet, wéi och de **Numm vum Cours**.
**Allgemeine Voraussetzungen** stinn ëmmer zur Informatioun an der Mail, egal ob een dës erfëllt oder net.
Ënner **nicht erfüllte Zertifikate** steet, wéi eng Certificater de Member net huet an doduerch d'Konditioun net erfëllt. Dëst gëllt och fir de **Médico**, wann de Certificat entweder komplett feelt oder schonn ofgelaf ass.


**Betreff:** Zougangskonditiounen zu enger Formatioun - 26-06-FOCO INCSA WF

Mir schreiwen dir dës Mail, wëlls du a folgender Formatioun ageschriwwe bass:

- **26-06-FOCO INCSA WF**
- **11.07.2026 08:00 - 11.07.2026 12:00**
- **Institut National de Formation des Secours/CNIS**

Laut LEVESO entsprëchs du allerdéngs de Konditiounen net, fir kënnen un dëser Formatioun deelzehuelen. Aus dem Grond hunn mir dech aus der uewen genannter Formatioun ofgemellt.

**Allgemeine Voraussetzungen**

- Mindestalter: 18
- Mindest-Dienstalter:
- sonstige Voraussetzungen:

**nicht erfüllte Zertifikate**

| Alternative 1 | Alternative 2 |
|---|---|
| Catégorie A (CONCLUA) | Catégorie A (CONCLUA)<br>OPP (OPP) |


Mir bieden dech Kontakt mat dengem CUF / CIS Chef ze huelen oder dech ënnert folgendem Link (https://inscription.cgdis.lu/Spa/#/offered-courses) iwwert déi verschidde Konditiounen ze informéieren.

Sollt et sech hei ëm e Feeler handelen, an deng Zertifikaen sinn net à jour am LEVESO, looss eis w.e.g esou schnell ewéi méiglech déi Feelend Ënnerlagen per Mail un (infs@cgdis.lu) zoukommen.

Bei weidere Froen kanns du dech gear per Mail (infs@cgdis.lu) oder per Telefon (49771 – 2500) bei eis mellen.

Mir wënschen dir nach e schéinen Dag.

Mat beschte Gréiss,


**Betreff:** Zougangskonditiounen zu enger Formatioun - 26-05-FOCO INCSA Fog Abstu

Mir schreiwen dir dës Mail, wëlls du a folgender Formatioun ageschriwwe bass:

- **26-05-FOCO INCSA Fog Abstu**
- **26.05.2026 08:00 - 26.05.2026 17:00**
- **Institut National de Formation des Secours/CNIS**

Laut LEVESO entsprëchs du allerdéngs de Konditiounen net, fir kënnen un dëser Formatioun deelzehuelen. Aus dem Grond hunn mir dech aus der uewen genannter Formatioun ofgemellt.

**Allgemeine Voraussetzungen**

- Mindestalter: 18
- Mindest-Dienstalter:
- sonstige Voraussetzungen:

**nicht erfüllte Zertifikate**

| Alternative 1 | Alternative 2 |
|---|---|
| ARI I (ARI I) | OPP (OPP) |

Mir bieden dech Kontakt mat dengem CUF / CIS Chef ze huelen oder dech ënnert folgendem Link (https://inscription.cgdis.lu/Spa/#/offered-courses) iwwert déi verschidde Konditiounen ze informéieren.

Sollt et sech hei ëm e Feeler handelen, an deng Zertifikaen sinn net à jour am LEVESO, looss eis w.e.g esou schnell ewéi méiglech déi Feelend Ënnerlagen per Mail un (infs@cgdis.lu) zoukommen.

Bei weidere Froen kanns du dech gear per Mail (infs@cgdis.lu) oder per Telefon (49771 – 2500) bei eis mellen.

Mir wënschen dir nach e schéinen Dag.

Mat beschte Gréiss,

Alternative 1 an Alternative 2 bedeiten, dat et verschidde Méiglechkeete ginn, fir d'Zougangskonditiounen z'erfëllen. Dobäi muss just eng vun dëse Konditiounen erfëllt sinn. Zum Beispill beim Cours FOCO INCSA Désin. ass entweder de Certificat **FIS III** noutwendeg oder et besteet d'Méiglechkeet als **OPP** deelzehuelen.

Wichteg ze erwähnen ass, datt den E-Learning bei de Coursen, wou en E-Learning ze maachen ass, ënner Sonstige Voraussetzungen stoen wäert. Dëst läit dorunner, datt den E-Learning an engem anere Programm ofgeschloss gëtt. Zousätzlech kréien d'Memberen 2 Rappeler mat de jeweilegen Delais fir den E-Learning ze maache per Mail geschéckt.

## 2.5 Numm vum TN am Betreff vun der Mail

Säit Januar 2026 gesi CUFen elo direkt am Betreff vun der Mail de Numm vum Member. Dës ass hëllefräich wann een op der Sich no enger Mail ass, ouni all Email opmaachen ze musse bis een de richtege Member fënnt.

**Mail-Inhalt**

**Betreff:** Registration [illegible]

---

Gudde Moien,

Mat dëser Mail informéiere mir dech, dass däin Member a folgend Formatioun ageschriwwen ass:

**26-09-SAP I.1 08.06.2026 bis 09.06.2026 Centre d'incendie et de secours Mersch**

**Dëst ass keng Aberuffungsmail!**

Mat beschte Gréiss,


**Institut National de Formation des Secours**

Tél. +352 49771 2500
infs@cgdis.lu


www.cgdis.lu – www.112.lu

## 2.6 Restplätze Onglet

Am Leveso CUF/Instructeur ass elo den Onglet **Restplätze** direkt ënner Lehrgangsübersicht ze fannen. Dee bleift och ausgeloggt weiderhinn siichtlech, wat hëlleft, wann een séier wëll kucken wat fir Coursen momentan op der Restplatzbörse sinn an wéivill Plazen nach frei sinn.





Ageloggt huet een d'Méiglechkeet den gewënschte Cours (z.B. SAP I.1) auszewielen. Ënner **Kurzbezeichnung** de Cours aginn an den Datum auswielen, deen am beschte passt.





De Virdeel ass elo, datt een direkt op de Cours spréngt ouni mussen ënner **Lehrgänge** ze sichen.

Just nach op d'**Lehrgangsnummer** drécken an riets nach eng Kéier op de **Cours** drécken.




Lescht Etapp ass ganz erof scrollen an Äre Member op d'Waardeléscht setzen.




# 3 Wat steet als nächst un?

## 3.1 Weekend/Congé Filter

Och wichteg fir Memberen a CUFen ass ze gesinn, ob eng Formatioun oder Examen Weekends oder an der **Vakanz** fällt. Icons sollen dës an Zukunft ob engem Bléck méi iwwersiichtlech maachen. Mam Schwiewen vun der Maus iwwert dem Ikon, soll och eng kleng Erklärung kommen, firwat dësen Ikon steet. Et soll och méiglech sinn, **per Ikon ze filteren** z.B. no Zeitraum.

Niewent dem Datum sollen och d'Wochendeeg stoen z.B. **Mo. 22.12.2025.**

Dëst ass momentan nach an der Entwécklung.




| Lehrgangsnummer | Standort | Status | Start | Ende | Freie |
|---|---|---|---|---|---|
| L001 BeBb 0 01 25 | LFKS | Bereit | 22.12.2025 12:00 Pünktlich!!! | 24.12.2025 | 15 |
| L001 BeBb 0 02 25 | LFKS | Bereit | 29.12.2025 | 31.12.2025 | 15 |
| L001 BeBb 0 04 25 | LFKS | Beendet | 12.12.2025 | 16.12.2025 | |
| L001 BeBb 0 05 25 | LFKS | Bereit | 19.12.2025 | 23.12.2025 | 15 |

## 3.2 Unzuel vu Leit op der RPB uweisen

Fir d'Iwwersiicht ze verbesseren, war gefrot op een d'Unzuel vun de Leit op enger Restplatzbörse weise kann. Dat hëlleft, fir net onnéideg een drop ze setzen, wa scho vill Leit op der Waardelëscht stinn. Dëst ass an der Entwécklung.


## 3.3 Login-Résumé

Net héich Prioritär awer hëlleft fir d'Iwwerbléck ze behalen: CUFen sollen e Bericht am Leveso kréie wat si säit hirem leschte Login verpasst hunn.

Dëst ass an der Entwécklung.

## 3.4 CUFen sollen Examen Resultater och gesinn

Am Leveso CUF/Instructeur solle CUFen och d'Resultater vun den Examen vun hire Membere kënne gesinn. Dëst als drop-down Këscht an der Ausbildungshistorie. Hëllefräich ass et op alle Fall, wann de Member en Noexamen huet, fir ze gesin, wou en nach Ënnerstëtzung brauch. Falls am Bewäertungsfeld Bewäertungen sollten dra stoen, gesitt Dir och d'Punkten vum entspriechende Member.




## 3.5 Dynamesch Verdeelung vun de Voucheren

De Moment ginn Voucheren 1-mol de Mount manuell verdeelt, an dann zeréck gezunn nodeems den Oflafsdatum erreecht ass. Fir dës besser z'optimiséieren, wäerten Voucheren automatesch an regelméisseg a kuerzen Intervaller geschéckt ginn z.B. 1-mol den Dag.

## 3.6 Informatiounen net all op enger Plaz

De Moment stinn d'Informatiounen iwwert eng Formatioun net all op enger Plaz. Dës féiert dozou, dass een op e puer Ongeleten nosiche muss. Gewënscht wier alles méi zentral ze halen. Dëst ass nach an der Entwécklung.